N° 4895
Reçue le 28.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 28 septembre 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4895 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4895 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, der Ministesch fir Famill an Integratioun an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°4895 vum 24. August 2021 vum éierewäerten Deputéierten Fernand Kartheiser iwwer Verbëtze vu Liewensmëttel**

***Wéi gesinn déi aktuell Gesetzer aus, wat d'Notze vu Liewesmëttel ugeet, déi, nodeems e Commerce an/oder Restaurant dës ugebueden huet, den Dag selwer net méi verkaaft, respektiv, opgebraucht goufen? Mussen dës Liewensmëttel zwangsleefeg ewechgeheit ginn oder wat fir Konzepter si virgesinn, fir dës Liewensmëttel nach sënnvoll ze notzen? Wat gëtt speziell fir sozial schwaach Leit gemaach?***

Laut dem Artikel 25 vum Offallgesetz mussen di sougenannte Biodéchets separat gesammelt ginn, fir enger Kompost- oder Biogasanlag zougefouert ze ginn. Fir der Offallhierarchie gerecht ze ginn, a Vermeidung ze prioriséieren, gesäit de Plan National de Gestion des Déchets et des Ressources (PNGDR) vun 2018 een Zil vu 50% Reduktioun vun der Liewensmëttelverschwendung fir 2022 vir.

Iwwert dëse legale Kader eraus gi konkret Aktioune géint Liewensmëttelverschwendung vu verschiddenen Acteure geleed. Dës féieren dozou datt een Deel vun de Liewenswuere net ewechgeheit gëtt, also net als Offall ufalen, mee weiderbenotzt ginn.

Sou gëtt den Internet-Site www.antigaspi.lu dem Bierger an och dem Horesca-Secteur Informatiounen, wat si am Alldag géint d'Liewensmëttelverschwendung kënne maachen. Eng Informatiounsfiche ass vun der Chambre de Métiers mat dem Horesca, den Gesondheets-, Landwirtschafts- a Konsumenteschutzministeren an der Ëmweltverwaltung (AEV) ausgeschafft ginn, fir di Professionnell déi Liewensmëttel hunn, déi nët méi verkaf kënne ginn, iwwert den Don alimentaire z'informéieren, notamment am Beräich vun den Hygiènesreegelen, déi besonnesch wichteg sinn. An deene verschiddene professionnelle Secteure gëtt mëttlerweil och vill Sensibiliséierung vun de Betriber zu dësem Thema gemaach.

Et ginn doriwer eraus eng Rëtsch zousätzlech Initiative fir Liewensmëttelsverschwendung ze vermeiden: d'Fernsehsendung "100% clever kachen", eng Broschür "Smart*Cooking – Réduisons nos déchets alimentaires", den Antigaspifrigo vun Tënten...

D'Aktioun "Ecobox – Méi laang genéissen" ass vum MECDD mam Horesca-Secteur opgebaut ginn, a mëttlerweil maache säit Ufank vum Joer 278 Restauranten, Kantinnen, aner Acteuren a souguer eng Gemeng mat. Et sinn an Tëschenzäit iwwert 75.800 Ecoboxen am Ëmlaf, déi weiderbenotzt gi fir Iessensreschter anzepaken, sou datt de Client se ka mat heem huelen, an d'Ecobox spéider erëm ofginn.

D'Grande Distribution sollt déi Produiten, déi net verkaaft goufen, entweder iwwert de Wee vun Donen un karitativ Associatioune weiderginn, oder se fir Déierefudder zur Verfügung stellen, respektiv ze kompostéieren oder methaniséieren, falls keng aner Verwendung virläit.

Dat gëtt hei zu Lëtzebuerg zu engem ganz groussen Deel vun de Supermarchéen och gemaach, mee op fräiwëlleger Basis. Et ginn eng etlech Kooperatioune mat de "Cent-Butteker", der „Spëndchen" respektiv den Epiceries sociales vu Caritas a Croix-Rouge, der "Stëmm vun der Strooss", awer och mam "Parc Merveilleux" zu Beetebuerg. Nieft de Supermarchéë ginn et esou Kooperatiounen och mat Grossisten, Liewensmëttelproduzenten an Traiteuren.

***Gëtt et Schätzungen, wéi grouss dee Problem vun der Liewensmëttelverschwendung hei zu Lëtzebuerg ass?***

D'Etüd „Aufkommen, Behandlung und Vermeidung von Lebensmittelabfällen im Großherzogtum Luxemburg 2018/2019 " ass um Site www.emwelt.lu zougänglech. Dës Etüd mécht den Ënnerscheed tëschent vermeidbaren (dodrënner och di Liewensmëttel di nach agepakt sinn) a net vermeidbaren Liewensmëtteloffäll: Virbereedungsreschter, Schuele, Schanken... Si weist drop hin datt, obwuel an de Secteure vun der Gastronomie a vun de Kantinen Liewensmëtteloffäll reduzéiert konnte ginn, säit 2016, d'Zuele vun der Liewensmëttelverschwendung an d'Luucht gi wéinst enger Erhéijung am Handel an och bei de private Leit doheem. Et sinn an der Moyenne 118 kg Liewensmëtteloffäll pro Awunner pro Joer an de Joren 2018/2019 zu Lëtzebuerg entstanen, an dovunner waren 48 kg vermeidbar. D'Produktioun vu Liewensmëtteloffäll läit zu ongeféier 75% (vum totale Gewiicht vun den Offäll) bei de Ménagen.

Eng Besserung weist sech awer kloer an der allgemenger Reduzéierung vun der Fraktioun vun de vermeidbare Liewensmëtteloffäll, wat och drop hiweist datt di verschidden Aktiounen déi an d'Weeer geleet gi sinn eng positiv Wierkung hunn. Dës Studie weist datt Aktiounen am professionnelle Beräich ergraff gi sinn, fir der Liewensmëttelsverschwendung entgéint ze wierken. Spenden un caritativ Associatiounen di e sozialt Geschäft oder e soziale Restaurant féieren ginn zum Beispill vill méi vum Handel gemeet, a sinn an d'Luucht gaangen vis-à-vis vum Joer 2016. Den Undeel vun de Spenden am Handel repräsentéieren de Schätzunge no tëschent 16,6 an 22% vun der gesamter Liewenmëtteloffallproduktioun (vermeidbar an onvermeidbar Offäll). Well et an dëse Fäll awer net ëm Offall geet, sti keng méi präzis Zuelen zu Verfügung.

Den uewen erwänte PNGDR gesäit vir, datt dës Studie all 3 Joer duerchgefouert gëtt fir d'Ufale an d'Vermeidung vun de Liewensmëtteloffäll z'iwwerwaachen an deementspriechend konkret Aktiounen z'orientéieren.

(https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/types-de-dechets/Biodechets/Gaspillage_alimentaire/Etudes_et_resultats.html)

***Wat ass vu Säite vun der Regierung geplangt, fir och hei am Land der Liewensmëttelverschwendung entgéintzewierken?***

Säitens Offallgestioun a –vermeidung ginn nei Mesuren duerch legislativ Ännerungen agefouert. Sou gëtt den Offallgesetzesprojet n°7659 a sengem zukünftegen Artikel 12 beispillsweis dem Don vu Liewensmëttel fir Mënschen eng méi grouss Prioritéit am Verglach zu aner Verwertungsweër.

D'Supermarchéen vun op mannst 400 m$^2$ Verkafsfläch mussen e "plan de prévention des déchets alimentaires" erareechen.

Dee selwechten Artikel gesäit vir, datt all Client vun engem Restaurant d'Recht drop huet, seng Iessensreschter kënne matzehuelen.

A senger zukünfteger Annex VII erwänt dëse Gesetzesprojet d' "Incitations fiscales en faveur des dons de produits, en particulier de denrées alimentaires" als ee Mëttel fir d'Offallhierarchie z'applizéieren.

De Gesetzesprojet fir Verpakunge n°7654 gesäit a sengem zukünftegen Artikel 5 vir, datt Quantitéiten ënnert 1,5 kg vu net sensible frësche Friichten a Geméis net méi däerfen a Plastik agepaakt verkaaft ginn. Dat sollt dem Client et erméiglechen, di  Quantitéiten ze kafen di en och tatsächlech brauch. A falls e Stéck

Uebst oder e Geméis am Handel verfault, muss net de ganzen agepaaktene Lous ewechgeheit gi wann dës guer net agepaakt sinn, mee nëmmen di entspriechend Fruucht oder d'Geméisstéck. Dës Mesure kënnen zu effektiver Reduzéierung vu Liewensmëttelverbëtzung féieren.

Niewt de gesetzlechen Oplagen, existéieren eng Reih vu Sensibiliséierungsmesuren. 2016 huet de Landwirtschaftsministère d'"Antigaspi-Campagne" (www.antigaspi.lu) an d'Liewe geruff, fir un éischter Stell d'Konsumenten, awer och aner concernéiert Acteuren ze sensibiliséieren a soumadder e responsabelen Ëmgang mat Liewensmëttel ze fërderen. Ënnert dëser Campagne lafen divers Aktivitéiten:

- Eng vun den éischten Aktivitéiten, mat där d'Campagne „Antigaspi" 2016 gestart ass, ass d'Wanderausstellung gewiescht. Zil vun dëser Wanderausstellung ass et, besonnesch déi Jonk zum Thema Liewensmëttelverschwendung ze sensibiliséieren. D'Ausstellung gëtt Äntwerten a vermëttelt spilleresch Informatiounen an alldeeglech Tipps am Ëmgang mat Liewensmëttel – sief et beim Plange vum Menü, beim Akaf, bei der Lagerung doheem, bei der Interpretatioun vun de Verfallsdatumen oder bei der Verwäertung vu Reschter. Dës Wanderausstellung war nieft ville Schoulen och op eenzele groussen Evenementer wéi der "Foire agricole" ze fannen a kann och vu Gemengen, Veräiner a Firme gebucht ginn. Dacks gëtt den Ënnerscheed tëscht der DLC also dem "consommer jusqu'au" an der DLUO, also der Notioun "à consommer de préférence Avant" net richteg gemaach, an dofir gëtt de Konsument mat der Wanderausstellung respektiv iwwert de Wee vu Brochuren iwwert Verfallsdatumer a nach aner gëlle Reegelen, déi anzehale sinn, wann een der Liewensmëttelverschwendung de Kampf wëll usoen, informéiert.
- De Landwirtschaftsministère huet des Weideren e Solidaritéitspakt géint Liewensmëttelverschwendung mat de Gemengen ofgeschloss. Vun 102 Gemengen hunn der 92 dëse Pakt ënnerschriwwen. 2019 gouf och eng Charta mat de Vertrieder vun de lëtzebuerger Jugendherbergen ënnerschriwwen.
- An engem änleche Kontext huet d'Regierung 2019 decidéiert fir bei Eventer, déi vum oder mam Staat organiséiert ginn, manner Liewensmëttel ze verbëtzen, andeems mat de Fournisseure beschtméiglech Weeër gesicht ginn, fir ënner anerem responsabel, regional a saisonal anzekafen an Iesswueren, déi nach gutt sinn, weider ze verwäerten.
- Am Kader vum internationalen „Antigaspidag" vun de Vereenten Natioune lancéiert de Landwirtschaftsministère fir déi 2. Kéier een Appel à projets an ënnerstëtzt domadder geziilt Aktivitéite géint Liewensmëttelverschwendung. Eenzelbierger, Gruppen, Associatiounen an Organisatioune sinn invitéiert, fir hir Projete virzestellen, mat deenen si op de Verloscht an d'Verbëtze vun Iesswueren an op d'Revalorisatioun vun de Reschter opmierksam maache wëllen.
- Am Hierscht 2021 leeft eng 1. Kéier d'Aktioun „Gielt Band". Am Kader vun dëser Aktioun, déi de Landwirtschaftsministär zesumme mam Syvicol an d'Liewe geruff huet, kënnen d'Gemenge mat engem giele Band déi Uebstbeem kennzeechnen, wou Biirger Friichte plécken duerfen – dëst als konkrete Beitrag géint Liewensmëttelverschwendung.
- Et gouf des Weidere vum Landwirtschaftsministär eng Charta, déi d'Notze vum offiziellen „Antigaspi"-Logo reegelt, ausgeschafft. Acteuren, déi dorunner interesséiert sinn, kënnen, wann si d'Oplage vun dëser Charta erfëllen, hir Aktiounen dobausse mat dem „Antigaspi" -Logo auszeechnen.
- De Landwirtschaftsministère fërdert des Weideren Aktivitéiten am Beräich vun der Redistributioun an dem Spende vu Liewensmëttel a leet wäert dorobber, dass dës Aktivitéiten den offizielle Bestëmmungen am Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet entspriechen. Sou

gouf beispillsweis de Self-Service-Frigo zu Tënten ënnerstëtzt. Déi Platen, déi ze vill gekacht gi sinn, stellt d'Jugendherberg an de Frigo. Och ginn Initiativen ënnerstëtzt, déi Iesswueren, déi aussortéiert musse ginn, well se net den Handelsnormen entspriechen oder well de Mindesthaltbarkeetsdatum iwwerschratt ass, eng zweet Chance ginn.

Detailer iwwert all d'Aktiounen, Projeten an Evenementer sinn um Site www.antigaspi.lu ze fannen.